N°8197
Entrée le 31.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 01.08.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleeden.**

Am Moment sinn uechtert Land erëm op ville Stroossen, Schinnen an Tunnellen Aarbechte geplangt. Et kann dofir virkommen, dass een ënnerwee bis an d'Stad méi Chantieren ënnerwee begéint. Dëst war zum Beispill de Fall mam Chantier op der N12 tëscht Bour an Dondel, wou d'Deviatioun iwwert Miersch op d'Autobunn amgaangen ass, déi hirersäits wéinst den Aarbechten am Tunnel "Gousselerbierg" dofir gesuergt huet, dass den Traffic just nach bidirectional gelaf ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Chantiere sinn dëst Joer tëscht dem 15te Juli an dem 15te September geplangt? Ëm wéi eng handelt et sech?
2. Wat mécht de Ministère fir d'Leit fréizäiteg iwwert dës Chantieren opzeklären?
3. A wéi fern spillt et bei de Chantieren eng Roll, wann et sech ëm eng Haaptverkéiersachs handelt?
4. Wéi gëtt verhënnert, dass d'Deviatioun vun engem Chantier net d'Deviatioun vun engem anere verlängert?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten